



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 28 avril 2020
Réf. QP-17/20 – N°1944

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU

Par Christine Wirtgen , 15:57, 28/04/2020

Objet : Question parlementaire n°1862 du 12 février 2020 de l'honorable députée Nancy Arendt

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.



Sam Tanson
Ministre de la Justice

Réponse commune de Madame la Ministre de la Justice et Messieurs les Ministres de la Sécurité intérieure et des Sports à la question parlementaire 1862 de l'honorable Députée Nancy Arendt

Ad 1) Deelt d'Regierung d'Duerstellung vun der Madame Salmona oder ass d'Regierung der Meenung dat et sech hei just em ee puer eenzel Fäll handelt ?

Esou ewéi den Sportsminister schon an senger Äntwert vum 29. Januar 2019 op déi parlamentaresch Fro n°14 vum honorablen Deputéierten Dan Biancalana zu dësem Sujet énnert Anerem gesot huet, an ech invitierien d'Froestellerin des Äntwert nozeliesen, wär et senger Meenung no falsch de Sport hei speziell ze stigmatiséieren. Hien sot dësweideren dass et ganz sécherlech Abusen, am Ëmgang mat de Kanner och am Sport ginn, mä de Sport ass do net lassgeléist ze gesinn vun der gesamter Gesellschaft.

Ad 2) : Wéi vill Fäll vu sexueller Gewalt am Sport sinn de Police- respectiv Justizautoritéiten déi lescht Joren iwwer gemellt ginn ? Op wéi een Zäitraum bezéien sech dës Virfäll?

Déi viséiert Infraktiounen, déi an der parlamentarescher Ufro thematiséiert gi, bezéien sech haapsächlech op den « viol » (vergewaltegung) an den « attentat à la pudeur » (ugrëff op schamhaftegkeet). Et ass ze präziséieren dat den « sexuelle Mëssbrauch » (abus sexuel) en tant que tel am lëtzebuergeschen Strofrecht als juristesches Notioun net bekannt ass.

Et ass souwuel den Police- wéi och den Justizautoritéiten net méiglech een exakten Chiffer, respektiv eng pertinent Statistik am Beräich vu sexueller Gewalt am Sport ze liwweren. De Fait dat Infraktiou am Sportsmilieu statt fonnt huet ass weder een Bestanddeel, nach een erschwéierten Émstand vun den ernimmen Strofdoten an gëtt deemno och net informatesch vun den jeeweilegen Autoritéiten festgehalen.

Fir eng Gréisstenuerdung ze gi, ouni awer präzis oder exhaustiv wëllen ze sinn, erënneren sech déi zoustänneg Memberen vum Parquet un zirka 5 bis 6 Fäll, an deenen lëschten 5 Joer. Dorënner eng lafend Affär, eng Affär déi verjäert war wéi bis Plainte gefouert ginn ass, een Dossier deen klasséiert gouf an eng Verurteilung.

Natierlech dierf een net vergiessen, dat Justizautoritéiten nämmen vun Zuelen schwätzen kennen, wou och tatsächlech Plainte gefouert ginn ass an deemno weess een net wéi héich eng eventuell Donkelziffer, speziell an dësem Beräich ass, esou wéi och generell an eiser Gesellschaft ass.

Ad 3) : Wéi vill Persounen goufen am Endeffekt ugeklot a verurteelt? Wéi vill vun deene Persounen si Recidivisten? Wann een Numm e puer mol fällt, ginn da speziell Moosnamen geholl och wann d'Faiten verjährt sinn?

Et ass deemno och net méiglech fiabel Statistiken ze liwweren, weder wat Zuelen vun den ungeklooten an den verurteelten Persounen ungeet, nach wat Zuel vun den Recidivsten ungeet. Zum Numm dee fällt, muss een énnersträichen, datt nämmen wann een vun enger Denonciatioun oder enger Plainte aus goen kann, d'Police-an d'Justizautoritéiten och adequat handelen ze kennen.

Ad 4) : Ginn hei net enorm vill Fäll am Donkelen gehalen oder net bekannt, well den Datum fir een unzekloen ofgelaft ass? Wéi héich schätzt d'Regierung d'Donkelziffer an désem Beräich?

Et ass net méiglech ze wëssen wéi vill Fäll net denoncéiert gi wéinst enger ofgelaafener Verjährungsfrist an deemno kann Regierung och net mat Schätzungen déngen. Erfarungsgemäss betounen d'Justizautoritéiten awer, dat wann een Affer de Choix mécht keng Plainte ze deposéieren, dann ass et net well faits verjäert sinn mee well d'Affer sech net well engem strofrechtechen Prozess énnerzéien, wat sécherlech eng Epreuve duerstellt fir all Affer.

Ad 5) Plangt d'Regierung eng Sensibilisierungscampagne am Beräich sexuelle Mëssbrauch am Sport?

Wat elo d'Fro vun der Sensibilisierungscampagne ubelaangt, esou ass am Moment een interministeriellen Grupp am Gaangen, zesummen mat aneren Acteuren aus dem Kannerrecht, esouwuel un enger Sensibilisierungscampagne, déi sech baséiert op déi Initiative vum Europarot "start to talk" ze schaffen, wéi och un engem "code de conduite" respektiv enger Charte betreffend Kannerrechter am Sport, déi natierlech och énnert Anerem den Volet vum sexuellen Mëssbrauch traitéiert.

Ad 6) Den ORK verweist a senge Publikatiounen reegelméisseg op eng Publikatioun vun der ONG ECPAT op dè sougenannte „référentiel concernant la protection des mineurs contre les violences“. Et ass een Outil, deen sech och u Sportsclibb riicht an deen et de Clibb soll erméiglechen eng Aart Auto-Evaluatioun duerchzeféieren. A wéi farn sinn d'Ministeren der Meenung, dass dése Référentiel e wichtegen Outil fir d'Sportsclibb kéint duerstellen ? Hun déi eenzel Federatiounen a Clibb Kenntnis vun désem Référentiel ? Gräifen se reegelméisseg op dësen Outil zrèck?

Den Référentiel vum ORK ass verschidden Acteuren am Sportberäich bekannt, ma gëtt mat Sécherheet net systematesch benutzt. Am Kader vun den Aarbechten an dem schonns genannten interministeriellen Grupp gëtt och gekuckt op an wéi en deen Référentiel kann mat abauen.

Ad 7) Wéi oft hunn d'Sportsclibb an d'Federatiounen déi leschte Joren op den Bulletin n°5 vum Casier judiciaire beim Rekrutement vun Leit déi a reegelméisseg Kontakt mat Mannerjärege stinn, zréckgeraff ?

Waat d'Fro vum Zreckgraifen op den Casier judiciaire ubelaangt, läit dat an den Hänn vun den jeeweilegen Sportsclibb an Federatiounen an dat mécht et gläichzäiteg och onméiglech ze retracéieren, well net all Club oder Federatioun statistesch festhält wat bei engem Rekrutement verlaangt gëtt. Säitens vum Casier judiciaire heescht et dat Bulletine n°5 meeschters vun der beträffener Persoun selwer oder mat Prokuratioun vun enger drëtter Persoun ugefrot gëtt. Vun Sportsclibb oder Federatiounen sinn nach keng Bulletine n°5 ugefrot gi. Et weess een allerdéngs net op déi ausgestallten Bulletine net awer un een Club oder eng Federatioun weider gereecht gi.